

Fir d'2. Kéier schonn huet d'Mierscher Musek e Musiksstage organiséiert fir seng jonk Musikanten am Alter tëschent 10 a 25 Joer. Dëst Joer wor e vum 7. bis den 10. September am Scoutschalet um Neihaischen.

Um Programm stoung natierlech vill Musek, mä net nëmmen. Opgedeelt wor dee ganzen Dag a gemeinsam Prouwen mam ganzen Orchester a Regesterprouwen, d.h. wou déi verschidden Instrumentegruppe (wéi z.B. d'Klarinetten) eleng geprouft hunn. Musekalesche Leeder vum Stage wor de Sous-Chef vun der Musek, de Guy KRAUS, dee mat vill Engagement, Wëssen a Gedold eis op den Ofschlossconcert virbereet huet. Donieft hunn eng Partie Chargé de cours aus der Musiksschoul vun der Gemeng Miersch mat grad sou vill Asaz him zur Säit gestan fir d'Regesterprouwen ofzehalen.

Nieft deem ganze Geproufs sinn och 3 Atelieren ugebuede ginn, wou een senger kreativer Oder fräie Laf konnt loossen. An engem Atelier goufen op ee selwergemeete Puzzle (4,5m op 3m !!) mat 54 Stécker gemoolt. Ween net wollt molen, dee konnt sech an engem Danzatelier op ee Mix vu moderner Musek aloossen an dorobber eng Choreographie entwerfen. An engem 3. Atelier hu mer probéiert, een alen Charlie-Chaplin-Klassiker mat allerlee Geschir an Hëllefsmëttel nei ze vertounen. D'Resultat vun deenen Ateliere gouf dann och sonndes um Ofschlossconcert mat engem Risesuccès virgestallt.

Dee ganzen Dag iwwer bis an d'Nuecht era wor och ëmmer fir Animatioun gesuergt. Dat goung vu Gesellschaftsspiller, engem risege Stratego, iwwer Volleyballspillen, engem Quizowend, enger organiséierter Visite vum Luxair Cargo-Center um Findel, engem Grillowend, bis hin zu engem Nuetsrally. Gekacht hu mer natierlech och selwer.

Séier woren déi puer Deeg erëm, an no enger ganzer Rei Prouwen a vill Spaass hu mer sonndes d'Heemrees ugetrueden, wou mer dunn owes virun zahlräichem Publikum am Mierscher Kulturhaus eist Kënnen zum Beschte ginn hu mat engem flotte Concert. Vill "grouss" Musikante woren um Concert a wore ganz stolz op "hir" Jugend, och wat den héije musekalesche Niveau ugeet. Eppes ass ganz sécher : fir de Nowuess an der Mierscher Musek brauche mir eis keng Gedanken ze maachen. D'Mierscher Musiksschoul dréit also ouni Zweifel hir Friichten.

Notéiert Iech also schonn de 9. September 2007, wou Dir elo schonn all häerzlech invitéiert sidd, fir den Ofschlossconcert vun eisem Jugendstage Editioun 2007 an d'Mierscher Kulturhaus kucken a lauschteren ze kommen.